

Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen un den nächste Projet de loi 4858, dee mer eventuell grad esou zügeg evakuéiere kënnen.

(Hilarité)

Et ass deen, dee sech op d'Loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée bezitt.

De Rapporteur ass den Här Clement, d'nämlecht wéi bei dem Projet virdrun. Ech huelen un, dass en dat gutt preparéiert huet an datt en eis dat zügeg virdroe kann.

(Hilarité)

Et sinn och e puer Riedner ageschriwwen. Ech géif lech also bieden, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mer all am Sall bleiwen, well de Vote imminent ass.

(Hilarité)

4. Projet de loi 4858 modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, ech wäert versiche mech kuerz ze faassen, wéi Dir dat ugekënnegt hutt. Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vum Gesetzesprojet 4858, deen haut an der Chamber zum Vote virläit, ass d'Reform vum ofgeännerte TVA-Gesetz vum 12. Februar 1979.

Fir unzefänke wëll ech kuerz e Résumé vum de parlamentareschen Aarbechte maachen. De Projet de loi ass vum Finanzminister ausgeschafft ginn an den 11. Oktober 2001 an der Chamber déposéiert ginn. Den Text ass aviséiert ginn duerch de Statsrot, d'Chambre de l'Agriculture, d'Chambre des Métiers an d'Chambre du Commerce...

(Interruption)

Här President, ech waarden, bis den Här Lux fäerdeg ass, da fueren ech weider.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Finanz- a Budgetskommissioun huet sech mam Gesetzesprojet an deene véier Avisen an zwou Sitzunge beschäftegt. Si huet de schrëftleche Rapport an der Sitzung vum 14. Dezember 2001 ugeholl.

Am mëndleche Rapport deelen ech d'Reform an zwou Partien op. Déi éischt Partie betrëfft d'Transpositioun an eis national Gesetzgebung mat Wierkung zum 1. Januar 2002 vun der Directive 2000-65 CE vum 17. Oktober 2000. Dësen Text betrëfft d'Détermination vum Redevable vun der TVA.

An hirer Kommunikatioun vum 7. Juni 2000, déi un d'Europaparlament an un de Conseil gericht ass, ënnersträicht d'Europäesch Kommissioun hire Wëllen, fir de Fonctionnement vum Marché intérieur kuerzfristeg ze verbessern. Se definéiert sou eng Strategie, déi folgend Objektiv verfollegt: Et ass éischtens d'Vereinfachung an d'Modernisatioun vun de Regeln, déi haut schonn existéieren; den zweeten Objektiv ass eng méi uniform Applikatioun vun de Regeln; drëttens soll déi administrativ Zesummenaarbecht iwwerschafft ginn. Schlussendlech recommandéiert d'Europäesch Kommissioun am Kader vun der Initiative SLIM, dat heescht Simplification de la législation sur le marché intérieur, fir d'Méiglechkeet an d'Mëttele vun enger Reform vun der fiskalescher Representatioun ze studéieren, eng Reform, déi an der sechster TVA-Directive virgesinn ass.

D'Détermination vum Redevable vun der TVA ass an de Kontext vun der Vereinfachung...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...vun deene fiskaleschen Obligatiounen vun de Wirtschaftsakteuren ze setzen. Dës Vereinfachung concernéiert déi europäesch Entreprises, dat heescht d'Entreprises, déi an der Europäescher Unioun etabliert sinn, an deenen hir Aktivitéiten an engem aneren EU-Land wéi an deem, wou se etabliert sinn, besteiert ginn. Dobäi ginn haaptsächlech d'Artikelen 26, 66 a 67 vun eiser TVA-Legislatioun ofgeännert.

Een Haaptpunkt ass, datt d'Désignatioun vum Représentant-fiscal-Responsablen net méi duerch de Stat imposéiert ka ginn. Et ass elo un den Entreprisë selwer, fir dësse Choix ze maachen. D'State kënnen awer d'Désignatioun vun deem Représentant fiscal imposéieren, wann den Assujetti net an hirem Land etabliert ass a wann hie Ressortissant vun engem Land, dat keen equivalenten Accord mat Lëtzebuerg ofgeschloss huet, ass; Accorden, wéi se iwwerall an der Europäescher Unioun bestinn. Dat ass haaptsächlech de Fall fir d'Entreprises, déi an Drëttlänner etabliert sinn.

En anere Punkt betrëfft d'Kautioun oder d'Lettre de garantie, déi d'Steierverwaltung vun den Débiteurinnen aus Drëttlänner verlaange kann. Si soll d'Bezuele vun Taxen an Amendé garantéieren. Weiderhin muss déi Obligatioun an engem Zäitraum vun engem Mount, dee vun der Demande uleeft, exekutéiert ginn.

Um Niveau vum Artikel 67 gëtt eng Solidaritéit am Kader vun den Taxen ugefouert. Dëse Mechanismus spillt tëscht dem Débiteur am Sënn vum Artikel 26 an all aner Persoun, déi un der besteuierbarer Operatioun deelhëlt. D'Solidaritéit spillt awer net fir de Consommateur final, deen net assujetti ass. D'Persoun kann awer vun hirer Solidaritéit déchargéiert ginn, wa si beweise kann, datt de Präis, dee si ganz oder deelweis op dëser Taxe un de Fournisseur oder de Prestateur de services bezuelt huet, korrekt war. Dës Méiglechkeet spillt awer net, wann dës Persoun de mauvaise foi ass.

Den zweeten Deel vum mëndleche Rapport betrëfft d'Modificatioun vum TVA-Gesetz, déi net mat der Transpositioun vun der Directive a Verbindung steet. Um Niveau vu verschidde Produit-phytosanitaire gëtt den Taux vun der TVA vun 3% op 15% erhéicht. An hirem Avis vum 13. November 2001 huet d'Chambre de l'Agriculture Positioun bezunn an op déi wirtschaftlech Konsequenze vun dëser Mesure fir d'Landwirtschaft higewisen. No hire Berechnunge géif deen neie Steiersaz fir d'Bauern an d'Wënzer ongeféier e Surplus vu 27,6 Milliounen Frang un Onkäschten ausmaachen. Weiderhin fuerdert d'Chambre de l'Agriculture dann, dass dee ganze Betrag restituéiert misst ginn. Se proposéiert an dësem Kontext hir Mathëllef, fir do no adequate Solutiounen ze sichen. D'Finanz- a Budgetskommissioun ass sech där Problematik ganz sécherlech bewosst. Dofir huet se an hirem schrëftleche Rapport d'Regierung opgefuert, no Léisungen ze sichen, déi am Sënn vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft sinn.

Ech wëll do och a mengem perséinlechen Numm drun erënneren, datt mer do virun engem halwe Joer eng Motioun hei an der Chambre gestëmmt hunn, fir den Taux forfaitaire, deen haut an der Landwirtschaft bei 8% ass, genee ënnert d'Lupp huelen. Ech menge wuel, datt dat vläicht en adequat Mëttel wier, fir dee Problem elei ganz oder deelweis léisen ze kënnen, wann een deen e bëssen eropsetze géif.

En anere Punkt betrëfft de Schëffsverkéier. Hei gëtt d'Exonératioun, déi sech op d'Livraison de biens et de prestations de services destinés à l'avitaillement des bateaux fluviaux bezitt, ofgeschaaft.

Schlussendlech kënnt et zu enger Harmoniséierung vun de Recoursméiglechkeeten um Niveau vun der TVA. Wann den Direkter vum Enregistrement oder säin Delegéierten eng Amende fiscale ausschwätzt, sou huet de Beschëllegten elo d'Méiglechkeet, e Recours géint dës Décisioun ze maachen, an dat virum Zivilgeriicht. D'Assignatioun muss dem Enregistrement an der Persoun vu sengem Direkter zougestallt ginn. Den Délai fir d'Zoustellung sinn dräi Méint. Dësen Délai fänkt mam Dag vun der Zoustellung vun der Amende fiscale un.

Ech weisen nach, Här President, op d'Urgence vun dësem Projet hin. Déi proposéiert Moossname sollen nämlech fir den 1. Januar 2002 a Kraaft trieden, dofir

hoffen ech als Rapporteur, dass dëse Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung an der Chamber fënnt. Ech wëll dann am gläichen Otemzug och nach den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur! Den éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. le Président.- Den éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, no den Ausféierunge vum Här Clement an op Grond vun den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, gëtt et kee Grond, fir dass mer hei nach laang Diskussiounen féieren. Mir waren eis eens an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Emile Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen et ganz kuerz ze maachen. Ech wollt dem Rapporteur och félicitéieren a merci soen, fir déi Explikatiounen, déi en hei ginn huet. En huet d'Ursaachen explizéiert, déi u sech dozou gefouert hunn, fir déi modifizéiert TVA-Gesetzgebung aus dem Joer 1979 ëmzeänneren op Grond vun enger Direktiv vum Oktober vum leschte Joer.

Op där anerer Säit huet en och drop opmierksam gemaach, datt an deemselwechte Gesetz an der Annexe B eng Partie Produkter virkommen, nämlech déi vun der Positioun 38.08, wat Produits phytosanitaires sinn, deenen d'Exception entzu gëtt, fir den Taux réduit vun 3% ze applizéieren.

Ech wollt eng Partie Explikatiounen dozou ginn. Ech mengen, déi si mer och néideg, well mer alleguer mat deem Dossier als Fraktioun befaasst si gi säitens enger Partie Affekotebüroen aus dem Ausland. Virausgeschéckt, sinn ech der Meenung, datt dat richteg ass, wat mer hei maachen. Dat verdéngt eng Partie weider Explikatiounen.

Lëtzebuerg ass an deem Fall hei ënner e gewëssenen Drock geroden, fir d'TVA-Sätz vun 3 op 15% fir phytosanitär Produkter eropzesetzen. Dat steet och esou am Exposé des motifs, zwou Ursaachen, déi d'Regierung dozou gefouert hunn dat hei ëmzeänneren.

Déi éischt Ursaach ass déi, datt duerch dee reduzéierten TVA-Saz hei zu Lëtzebuerg sech e massiven Import-Export-Handel vu phytosanitäre Produkter entwéckelt huet. Dat heescht, déi Produkter sinn aus dem Ausland hei op Lëtzebuerg importéiert ginn. D'TVA konnt an Däitschland ofgesat an déi TVA vun 3% ass hei eropgesat ginn, an da sinn déi Produkter erëm an Däitschland, respektiv an der Belsch ënner Daach komm. Den Handel vun deene Produkter schéngt, wann ech deenen

Dokumenten ka gleewen, en Ausmooss ze hunn, dee schwéier verträglech war fir eis Regierung. Et gëtt hei geschwat vu 24 Milliounen Produits phytosanitaires, wat e Wäert ausgemaach huet vun à peu près dräi Milliarde Frang.

Et gëtt och drop higewisen am Exposé des motifs, datt d'Presenz vun deene Wueren hei zu Lëtzebuerg inquietant war an deem Sënn, datt all Dag zig Camionen zu Lëtzebuerg transitéiert si mat esou vill vun deene Produkter an datt dat eng Gefor war. Et zirkuléieren zwar och nach Camionne mat anere Produkter hei zu Lëtzebuerg, deenen een u sech och d'Handwierk misst leeën. Et gëtt och vill onsënneg Produkter, déi hei zu Lëtzebuerg zirkuléieren. Ech erënneren nëmmen un den hollännesche Camion mat Parma-Hamen, deem am Rond-point Gluck gekippt war. Dat kann also net d'Ursach sinn.

Mä eng weider Ursach kann awer de Stockage vun deene Produkter hei op Lëtzebuerger Territoire gewiescht sinn a ganz séier, mengen ech, hätt eppes kënnge geschéien.

An deem Sënn wier nach relativ vill zu deem Handel do ze soen, mä vu datt mer eis hei an enger Zon beweegen, déi net kloer ass, géif dat zu Spekulatione féieren an dofir gesinn ech dovun of.

U sech ass dat, wat hei gemaach ginn ass, net onbedéngt eppes Illegales gewiescht. Wann dat no de Regele vun der Konscht gemaach ginn ass, da war dat an de Rei. Trotzdeem si mer op Grond vun haaptsächlech däitsche Produzenten an Händler ënner Drock geroden an hunn dës Législatioun mussen upassen an den Taux réduit vun 3 op 15% eropsetzen. Domat ass u sech de "Sprézmëtteltourismus", dee fir Lëtzebuerg bestanen huet, geléist, ass allerdéngs nëmme fir Lëtzebuerg geléist, well e wäert duerno monter virugoen. E wäert elo net méi vu Lëtzebuerg aus lafen, mä e wäert sech eriwwer an d'Frankräich verlageren. Mengen Informatiounen no si schonn déi éischt Firmen do an d'Rad geklommen.

Et muss een nämlech wëssen, datt am Frankräich de reduzéierten Taux fir dës Produkter nach besteet, an dee läit bei 5,5%, esou datt elo awer nach riskéiert gëtt, datt deen Tourismus viru besteet. Fir Lëtzebuerg ass dat net onbedéngt esou schlëmm, well e ganze Koup vun deene Produkter, déi aus Frankräich kommen, grad esou wéi aus Däitschland, net op der Lëscht vun deene Produkter stinn, déi hei zougelooss sinn an theoretesch déi Produkter hei zu Lëtzebuerg net kënnen verdréiwwe ginn. Ob dat natierlech an der Praxis och esou ass, entzitt sech menges Kenntnisser.

Ech géing och mengen, datt deen Handel, deen elo mat Frankräich wäert ulafen, net vu laanger Dauer wäert sinn an deem Sënn, datt Frankräich gewëllt ass aner Weeër an dësem Domän ze goen. Dir hutt alleguer

gelies, datt d'Fransouse bis 2003 zum Beispill déi Sprézmëttel, déi haut hei zu Lëtzebuerg an europawäit beim Mais zum Asaz kommen, wat haaptsächlech den Atrazin ass, wëlle verbidden. Dat heescht, jusqu'à épuisement du stock soll deen nach erlaabt ginn an da wëlle se aner Weeër goen.

Mä ech géing och mengen, datt Frankräich deem Drock wäert ausgesat ginn, dee Lëtzebuerg elo widderfiert a spéitstens no de Walen d'nächst Joer am Frankräich wäert de reduzéierten Taux vun der TVA dann eropgesat ginn.

D'Léisung vum Problem kann also u sech net déi sinn, déi d'Chambre de Commerce hei proposéiert huet, andeem een d'TVA vun 3 op 6% géif eropsetzen. Dat géif dee Problem hei ganz sécher net léisen, an domat géif Lëtzebuerg sech menger Meenung no och net aus der Schosslinn erauszéien. Lëtzebuerg muss deen TVA-Saz eropsetzen. Mir hunn aner Problemer zu Lëtzebuerg ze verteidegen, wéi dat do.

U sech missten déi Problemer anescht geléist ginn. Éischtens kënnge se geléist ginn, andeem datt een um europäeschen Niveau eens géif ginn, op d'mannst an dësem Domän, fir en harmoniséierten TVA-Saz festzeleeën. Mä och dat wäert relativ schwéier sinn.

Zweetens missten Zouloossungsdirektiven ausgeschafft ginn, déi fir all Land applicabel wieren. Ech mengen, dat géif eis och eng Partie aner Problemer an Zukunft erspueren, déi mer elo kannt hunn am Kader vun de Liewensméttelskandalen, well ech weess net, ob mat deene Méttel hei et net eng Kéier dozou kënnge, datt mer béis Erfarunge géife maachen.

Ee Moyer kann och dee sinn – an d'Regierung ass jo amgang deen ze goen –, fir eng méi nohalteg Landwirtschaft ze promouvéieren. Wa manner Sprézmëttel an der Landwirtschaft agesat gin, ginn der manner kaaft, kascht also och manner, a fir déi Sprézmëttel, déi u sech dann en fin de compte net vermeidbar sinn, solle mer dee Wee goen, deen de Rapporteur proposéiert huet an eemol grondsätzlech eis an der Finanzkommissioun, respektiv awer och an der Landwirtschaftskommissioun driwwer ënnerhalen, wat mer fir d'Betriber aus dem Landwirtschafts- an aus dem Wénzerwiese kënnge maachen, fir hinnen déi Käschten ze kompenséieren, déi doduerch entstinn, datt se effektiv Sprézmëttel mat engem TVA-Saz vu 15% musse kafen.

An deem Sënn géif ech am Numm vun eiser Fraktioun zu deem Gesetz eisen Accord bréngen.

M. le Président. - Merci, Här Calmes. Nach eng Fro vum Här Huss, wann Der d'accord wiert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här Calmes, Dir hutt virduen eppes gesot, wat ganz richteg ass. Dat ass, datt a Frankräich elo geplangt ass, ab 2003 de Pestizid Atrazin, mä och den Simazin ze verbidden. Mengt Der

net, datt dat eng gutt Saach wier an datt een dat och hei zu Lëtzebuerg misst maachen?

M. Emile Calmes (DP).- Doriwwer kann ee sech jo eemol ënnerhalen.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mäi Virriedner huet de Problem schonn ugeschnidden, deen ech och wollt uschneiden. Dat ass dee vun de Produits phytopharmaceutiques.

Mir wëssen, datt et ganz staark Mouvementer ginn an datt awer de Lëtzebuerger Maart selwer zum Beispill am Secteur viticole e chiffre d'affaires vu 66 Milliounen d'Joer kann notéieren. Dat bedeit fir d'Wënzer, wann déi ganz Reform hei duerchgezu gëtt, eng Augmentatioun vun hiren Dépense vu ronn 9,9 Milliounen. Dat ka jo net méi opgefaange ginn duerch d'Existenz vun deem Forfait TVA, vun deem se soss beneficiéiert hunn.

Dofir muss een also entweder op dee Wee goen, wéi den Här Clement elo gesot huet, an eng Revisioun maachen, respektiv wollt ech d'Regierung froen, ob et Négociatiounen gëtt mat Frankräich, fir datt dat Land säin Taux vu 5% och erhéicht. Well wann den Drock op Lëtzebuerg läit, fir den Taux vun 3 op 15% ze erhéijen, da misst jo awer och den Drock op Frankräich bestoen, fir säin Taux ze héijen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech erënneren drun, datt d'Belsch och méi niddreg läit mat 12%. Et muss ee verhënneren, elo d'Lëtzebuerger Wënzer ze forcéieren, fir an d'Frankräich hir Saache kafen ze goen. Ech mengen, dat wier net de richtege Wee.

Wann d'Regierung eis ka berouegen, datt se op deenen zwee Punkten, déi den Här Clement hei genannt huet, an och wéi d'Evolutioun a Frankräich intervenéiert, da kënnte mer ons mam Projet d'accord erklären.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech kënnt och elo hei nach e kleng phyto-sanitären Ausfluch maachen, wéi den Här Calmes, deen zwar gutt gemaach war, mä ech wëll awer net nach eng Kéier alles dat widderhuelen, wat de Rapporteur an hie scho gesot hunn.

Dofir géing ech just soen, dass mir mat dësem Projet d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, hei hu mer et ze di mat dem Onsënn vun der europäescher

Agrarpolitik, déi jo de Bauer forcéiert, ëmmer méi vun deene sou genannte phytopharmazeutesche Materialien anzesetzen. Dat heescht Herbiziden, Insektiziden a Fungiziden, woumat da mam Ënnerscheed zu deene verschiddenen TVA-Sätz op deene Produkter natierlech och deen entspreechenden Handel iwwert d'Grenzen eraus floréiert.

Dass elo do en TVA-Saz geschaaft gëtt, dee vun 3 op 15% eropgeet, ass u sech richtig, wann en och dozou féiert, dass déi Materialien ageschränkt ginn an hirem Benotzen an eiser Landwirtschaft.

Et si mat dësem Gesetzprojet verschidde Produkter verbonnen, déi gebraucht ginn an der Banneschëfffaart. Souwäit ech dat richtig gekuckt hunn, bezitt dat sech och op de Masut vun der Banneschëfffaart, an do sinn ech net esou iwwerzeegt, ob et esou gönschteg ass, aus deem einfache Grond, well de Schëffsstranport e relativ sécheren, ekologeschen a bëllegen Transport ass an dass een dee misst méi favoriséiere vis-à-vis vum Camiontransport. Dat kënnt een ënner anerem doduerch maachen, dass d'TVA op dem Masut fir d'Banneschëfferei méi gönschteg ass.

Meng Meenung ass also e bësse gespléckt bei dësem Vote. Op där enger Säit d'accord, dass d'TVA an d'Luucht geet op deene phytopharmazeutesche Produkter, op där anerer Säit fir d'Banneschëffer, déi domat belaauscht ginn, sinn ech net esou iwwerzeegt. Ech wäert awer trotzdem e positive Vote hei zum Ausdrock bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Finanzminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances.- Ech géif lech bieden, dësem Projet de loi Är Zoustëmmung ze ginn, net ouni gesot ze hunn – ech soen dem Kollege Calmes dat –, datt d'TVA an Europa harmoniséiert ass. Dir braucht dat also net ze wënschen. Dat ass scho gemaach an zwar zënter dem 24. Juni 1991, véirel vir aacht owes, wou mer en Accord fonnt hunn, fir de Regelsaz bei der TVA op 15% ze setzen, wat jo mat sech bruecht hat, datt mer hei zu Lëtzebuerg vun 12 op 15% eropgaange sinn, a fir inflatiounsbremsend Effekter dran ze kréien, hu mer d'Autorisatioun kritt, fir superreduzéiert Sätz anzeféieren, dont dee vun 3% op dese Produkter hei.

Mir haten also déi Exceptioun négociéiert aus soziale Grënn, fir d'Inflatioun ze bremsen. Dir gesitt elo emol, wat domat geschitt, wann een Niches fiscales aus guddem Grond uleet, wat fir Kräften, datt déi eigentlech ausnotzen, fir den Image de marque vum Land am Ausland net grad an engem positive Liicht erschéngen ze loossen, an dofir ass et gutt, wann een dee Projet de loi hei stëmmt.

Mir hunn an enger Sitzung vun den europäesche Finanzministere drop opmierksam gemaach, datt mer

déi Initiativ hei géifen huelen an d'franséisch Regierung opgefuerdert, datselwecht ze maachen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4858 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Domadder géinge mer dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir d'Gesetz sinn, stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Marc Zanussi) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepf).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4862, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Mexiko iwwert d'Duebelbesteuerung.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Henckes, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

5. Projet de loi 4862 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Etats-Unis Mexicains tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 7 février 2001

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet wäert méi séier iwwert d'Bühn goe wéi deen, deen ech haut de Mueren hei virgestallt hunn.

Déi Duebelbesteuerungsabkomme mat Mexiko ass déi 43. Konventioun, déi mer bis elo haten, an et ass déi 7. oder 8., zënter dass ech d'Éier hunn, an dësem héijen Haus ze siégéieren. Dat ass ee Beweis, wéi séier datt d'Globalisatioun vun der Wirtschaft weidergang ass an och e Beweis, wéi wichteg datt et ass, datt mer eis fläissen, fir mat deene Länner, wou mer Relatiounen hunn, Konventiounen, besonnesch wat d'Duebelbesteuerung ubelaangt, ofzeschlëssen.

Fir déi Konventioun hei mat Mexiko ze maachen, gëtt et a mengen Ae véier Ursaachen. Déi éischt ass déi, datt Mexiko e grousst Land ass an zënter '96 der Association de libre échange nord-américaine zougehéiert, wat am Fong geholl och eng grouss Wirtschaftsunioun ass, méi grouss wéi d'Europäesch Unioun. Datt Mexiko mat der OCDE een Ofkommen ofgeschloss huet, dat och mat der Union européenne en Traité de libre échange ofgeschloss huet. Ech mengen, wat och nach wichteg ass, dat ass, datt Mexiko zënter zwee Joer Lëtzebuerg op eng Lëscht – wat se nennen – de Pays à faible fiscalité gesat huet, net aus deenen Ursaachen, déi den Här Bisdorff de Mueren hei wollt ernimmen, mä einfach well se mat Lëtzebuerg nach keng Konventioun hunn, a si sinn awer bereet, Lëtzebuerg vun der Lëscht erofzehuelen, esoubal wéi mer déi Konventioun hei votéiert hunn, an dofir ass et, mengen ech, wichteg, datt mer deen Accord och haut stëmmen.

Déi Konventioun verleeft nom Modell vun der Convention modèle vun der OCDE. Ech ginn also net